



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **30 AVR. 2021**  
Réf. QP-46/21

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service Central de Législation  
Luxembourg

**Objet :** Question parlementaire n°3989 « Accès aux messages cryptés » du 31 mars 2021 de l'honorable  
Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous  
rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice

A handwritten signature in black ink, appearing to be 'S. Tanson', written over the printed name 'Sam Tanson'.

Sam TANSON

**Äntwert vun der Madame Sam Tanson, Justizminister, vum Här Henri Kox, Policeminister a vum Här Xavier Bettel, Staatsminister, op déi parlamentaresch Ufro n°3989 vum 31. März 2021 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser**

**1. Däerfen d'Police, respektiv de SREL op cryptéiert Messagen op Handyen zougräifen? Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen a mat wéi enge Prozeduren? Wann net, ass un eng Gesetzesännerung geduecht?**

D'Police an den SRE däerfen a verschidde Fäll an ënner verschidde Konditiounen op kryptéiert Messagen zougräifen. De Code de procédure pénale gesäit d'Reegele an d'Prozedure fir betreffend d'Moyene déi d'Enquêteure hunn an déi se këne benotzen am Kader vun enger Enquête (Artikelen 33-38, 47, 65 ss. an 88-1). Wesentlech ass ze präziséieren dass déi selwecht Reegelen ewéi d'Perquisitioun sech uwenden.

Betreffend de SRE befanne sech d'Moyene déi däerfen agesat ginn an d'Prozeduren déi mussen agehale ginn an den Artikelen 5-8 vum ofgeännerte Gesetz vum Service de Renseignement vum 5. Juli 2016.

Dës Moyene ginn agesat am Kader vun de Missiounen vum SRE, also am Fall vun enger potentieller Bedreeung duerch Spionage, gewaltbereeten Extremismus, Terrorismus, Verbreedung vu Massevernichtungswaffen oder verteidegungsrelevante Gidder zesumme mat den entspreichend Technologien an organiséiert Kriminalitéit oder Cyber-Bedreeung souwäit dës mat deene virgenannt Aktivitéiten zesummenhänken.

Den Asaz vun den Moyene muss déi dräi wesentlech Prinzippien vun Legitimitéit, Proportionalitéit an Subsidiaritéit respektéieren.

**2. Verfügen si iwwert déi néideg personnell Moyenen an technesch Equipementer fir kënnen modern Verschlüsselungen, wéi se och an der organisierter kriminalitéit benotzt ginn, ze dechiffriieren? Wann net, ass dru geduecht fir hir Ressourcen an nächster Zäit opzestocken an ze moderniséieren?**

D'Police huet Spezialisten am Beräich vun de moderne Verschlüsselungstechniken (asymmetresch kryptographesch Verfahren). Well an der digitaler Welt déi Kriminell ëmmer méi oft esou Technike benotzen fir sech dem Zougrëff vun der Police a der Justiz ze entzéien, ass et, am Kader vum Rekrutement renforcé deen d'Regierung der Police accordéiert huet, virgesinn och weider Spezialisten an dësem Beräich anzustellen.

Betreffend den SRE kann iwwert déi personnell Moyene an technesch Equipementer aus sécherheitsrelevante an ermëttlungstechnesche Grënn net kommunizéiert ginn.

**3. Kënne d'Lëtzebuenger Autoritéite doriwwer raus kuerzfristeg op d'Ressource vun auslännesche oder internationale Partner an Agenturen zeréckgräifen, wann si am Eenzelfall net iwwert dat noutwenneg Personal oder deen néidegen techneschen Equipement verfügen? Falls jo, op wéi enger rechtlecher Basis?**

No Récksprooch mam – an der Erlabnes vum Untersuchungsriichter kann d'Police op déi spezialiséiert Servicer vun Europol / Interpol zeréckgräifen oder bei Europol / Interpol Memberen nofroen, ob schonn Léisunge bekannt sinn. Et besteet och d'Méiglechkeet op en externen Expert zeréckzegräifen wann dës néideg ass.

Den SRE erfëllt seng Missiounen am Kader vun enger kontinuéierlecher Kooperatioun mat nationalen an internationale Partner, esou wéi am Artikel 9 vum ofgeännerte Gesetz vum Service de Renseignement vum 5. Juli 2016 festgehalen.

**4. Op wéi enger rechtlecher Basis kënne potentiell strofrechtlech relevant Donnéeën, déi cryptéiert woren a vun de Lëtzebuenger Sécherheidsdénsgchter selwer entschlüsselt goufen oder de Lëtzebuenger Enquêteure vun auslännesche Partner iwwermëttelt goufen, zu Lëtzebuerg viru Geriicht benotzt ginn?**

Am Kader vun enger Prozedur kann een d'Entschlësslung vun de Donnéeën mat enger Perquisitioun vergläichen, wou et dorëms geet d'Wouerecht erauszefannen. An deem Sënn ënnersteet d'Entschlësslung de selwechte Reegelen ewéi der Perquisitioun. Wann Schwierigkeeten beim Entschlësselen entstinn, kann den Untersuchungsriichter enger Persoun ordonnéieren, déi déi néideg Kompetenzen am Beräich "Schutz- oder Verschlësslungssystem" huet, fir dem Untersuchungsriichter den Accès op de System an op déi saiséiert Donnéeën ze ginn déi sech an deem System befannen oder duerch dee System accessibel sinn (Artikel 66(4) vum Code de procédure pénale). Déi saiséiert Donnéeën kënnen an deem Fall fir d'Poursuite benotzt ginn.

Wann d'Lëtzebuenger Enquêteuren entschlësselt Donnéeën vun auslännesche Partner iwwermëttelt kréien, kënnen dës als Beweismëttel benotzt ginn, wann déi auslännesch Partner d'Donnéeën a similäre Konditiounen a Garantien wéi am nationalen Recht kritt hunn.

Et ass ze erwänen dass a verschidde Länner eng Differenz gemaach gëtt tëschent Beweismëttel vum Type „intelligence“ an vum Type „evidence“. D'Beweismëttel vum Type „intelligence“ ginn vu verschiedenen Acteure agesammelt, wéi z.B. dem SRE oder der CRF. Dës Beweismëttel ginn den Autoritéiten transferéiert, déi dann op där Basis hier Vérificatiounen maachen, déi zu Beweismëttel vum Type „evidence“ kënne féieren. Alléng dësen Type vu Beweismëttel befënnt sech am Ermëttlungsdossier a kann viru Geriicht benotzt ginn.

Dësen „Ermëttlungswee“ ass an onsem juristesche System nach net unerkannt. Als Konsequenz kënnen d'Informatiounen déi als „intelligence“ vun den auslänneschen Autoritéiten klasséiert ginn, net un ons Autoritéiten iwwermëttelt ginn. Tatsächlech kënnen ons Autoritéiten dem Traitement vun deene Donnéeën net déi selwecht Garantien accordéieren an kënnen dës och net viru engem Geriicht benotzen.